N°744
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 744 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener**

D'Direktioun vum Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM) hat de 25. Abréll eng Entrevue mat den Enseignanten aus dem Baufach, fir iwwert d'Zukunft vun der Formatioun vum *Technicien en génie civil* (DT GC) ze schwätzen. Bei där Geleeënheet huet d'Direktioun d'Propos gemaach, eng Ufro fir d'Ausschaffe vun enger neier Sektioun *Construction* um Niveau vum Enseignement secondaire général (ESG) ze stellen, an dofir déi aktuell Formatioun vum Techniker auslafen ze loossen.

An engem Schreiwes vum 7. Mee huet d'Direktioun vum LJBM eng Entrevue mat de Responsabele vun de Servicer vum Enseignement secondaire an der Beruffsausbildung gefrot, fir iwwert d'Offre scolaire vum LJBM am Beräich vum Baufach ze schwätzen.

Och wann dës Entrevue nach net stattfonnt huet, ass et awer kloer, datt d'Formatioun vum Techniker am Génie civil och weiderhi wäert am LJBM ugebuede ginn. Nieft der Tatsaach, datt et ondenkbar ass, esou spéit am Schouljoer eng Formatioun fir dat kommend Schouljoer zouzemaachen, ass et och net ee Lycée, deen aleng iwwert d'Weiderbestoe vun enger Formatioun decidéiert. Esou Decisioune gi vum Educatiounsministère am Partenariat an an Ofstëmmung tëscht dem Service vun der Beruffsausbildung an de Beruffskummere geholl.

Deemno wäerten och fir d'Rentrée 2024/2025 Schüler hir Formatioun zum Techniker am Génie civil am LJBM ufänken.

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH